N°3736
Entrée le 03.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3736 vum 6. Mäerz 2026 vum Här Deputéierte Ricardo Marques**

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Rei Froen am Kader vun der Validitéit vun de Parkingskaarte fir Leit mat enger Behënnerung hei zu Lëtzebuerg.

Fro 1: Wier d'Madamm Ministesch gewëllt, déi aktuell Dauer vu fënnef Joer vun der Parkkaart fir Leit mat engem medezinesch diagnostizéierten “handicap à vie” liewenslänglech ze verlängeren?

Aktuell ass déi maximal méiglech Validitéit fir d’Gültegkeet vun enger Parkingskaart fir Leit mat enger Behënnerung op 5 Joer festgeluecht an dëst duerch d’Dispositioune vum Gesetz vum 11 Februar 2022 iwwert d’Parkingskaart fir Leit mat enger Behënnerung (Loi du 11 février 2022 portant création d’une carte de stationnement pour personnes handicapées).

Et muss een awer hei ënnerscheeden tëschent engem permanenten an engem net permanenten Handicap. Bei engem permanenten Handicap kann den zoustännegen Dokter vun der Commission médicale vum Mobilitéitsministère d’Entscheedung huelen, dass der betraffener Persoun opgrond vun der jeeweileger Pathologie eng permanent Parkingskaart ausgestallt gëtt. Hei ass et awer genee wéi bei aneren Dokumenter och, wéi zum Beispill dem Führerschäin, der Carte d’Identité oder dem Pass och, dass d’Dokument aus Grënn vun der Sécherheet, fir dass zum Beispill eng aktuell Foto drop ass, wat wichteg fir de Kontroll ass, och am Ausland, a gewëssen Ofstänn muss erneiert ginn. Dat gëtt dann och esou vum Dokter am Dossier aktéiert, esou dass de Renouvellement sech ouni nei medezinesch Tester mécht. Et muss e just en neit d’Dokument ufroen.

Fro 2: Wann net, wier d'Madamm Ministesch bereet vun den aktuell 5 Joer op 10 oder 15 Joer erop zegoen, fir sou den administrativen Opwand fir déi Betraffen oder d'Familljen ze reduzéieren?

Et gëtt effektiv aktuell Iwwerleeunge fir déi maximal Validitéit vun de permanente Parkingskaarten am Kader vun der Transpositioun vun der europäescher Direktive (cf. Fro 5) vu 5 op 10 Joer ze setzen fir d’Validitéit dem Führerschäin oder och nach der Carte d’identité unzegläichen.

Fro 3: Falls eng liewenslänglech Validitéit vun der Parkkaart net kéint ëmgesat ginn, wier d’Madamm Ministesch averstan fir en automateschen Informatiounssystem anzeféieren, deen déi concernéiert Persoune rechtzäiteg virum Oflaf vun hirer Kaart iwwer eng Notifikatioun informéiert an hinnen déi néideg Schrëtt fir d’Erneierung vum Titre erkläert?

Aus deenen an der Äntwert zur éischter Fro opgeléschte Grënn ass et net geplangt fir Parkingskaarte mat enger liewenslänglecher Gültegkeetsdauer anzeféieren. Wat d’Erneierung vun de permanente Kaarten ugeet, esou ass et wéi bei all aneren offiziellen Dokumenter och, an zwar gëtt do un d’Responsabilitéit vun de Léit appelléiert fir opzepassen dass all hier offiziell Dokumenter conforme an a cours de validité sinn, respektiv fir eventuell Ännerunge vun hiere jeeweilege Situatioune bei den zoustännegen Administratiounen ze mellen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Fro 4: Wat konkret bedeit esou eng Sanktioun betreffend ofgelafe Parkkaart, wéi an der Press ze liesen, fir déi betraffe Leit?

Den Avertissement Taxé wann ee mat enger ofgelafener oder ouni Kaart op enger Parkplaz, déi fir Persoune mat enger Behënnerung reservéiert ass steet, beleeft sech op 145 Euro.

Fro 5: Wat ass de Stand vun der Ëmsetzung vun der neier europäescher Direktiv 2024/2842 iwwer d'*Carte européenne de stationnement pour personnes handicapées*?

D'Aarbechte fir d'Transpositioun vun däser Direktive hunn ugefaangen. Aktuell feelen awer nach technesch Ausféierungsbestëmmungen déi vun der europäescher Kommissioun nach am gaange sinn ausgeschafft ze ginn. Ouni dës ass eng Transpositioun net méiglech. Den Délai fir dës Directive an nationaalt Recht ëmzesetzen ass Juni 2027 an am Juni 2028 sollen dës Dispositiounen dann a Kraaft trieden.

Fro 6: Ass geplangt, déi betraffe Leit iwwer déi nei europäesch Kaart ze informéieren, sief et duerch eng perséinlech Notifikatioun oder iwwer déi offiziell Kanäl vum Ministère?

Wann déi nei Dispositioune zur europäescher Kaart bis a Kraaft trieden, wäert selbstverständlech vu Säite vum Ministère an Zesummenaarbecht mat de Behënnertenassociatiounen doriwwer kommunizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 3. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes